ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro Nummer 4010 hat ech eng Rei Punkten zum Sproochgebrauch bei enger Ëmfro iwwer Schlofstéierungen aus der Madamm Gesondheetsminister hirem Haus opgeworf. An hirer Äntwert huet d'Madamm Gesondheetsminister dëst domat erkläert, datt esou Ëmfroen misste vun internationale Fuerscher kënne gelies ginn a si wollt doran och keng Diskriminatioun vun de Lëtzebuerger erkennen.
Mä och den Informatiounsbréif, deen an deem Zesummenhang un d'Stéit verschéckt ginn ass, war a véier Sproochen (Däitsch, Englesch, Franséisch a Portugisesch), awer net op Lëtzebuergesch.
D'Argumentatioun vum Sproochgebrauch bei der Ëmfro ass awer op mannst fir den entspriechende Informatiounsbréif net haltbar.

Duerfir géif ech da Madamm Gesondheetsminister nach gär des Nofroe stellen:

1) Wéi war déi Decisioun motivéiert, fir den Informatiounsbréif net op Lëtzebuergesch ze verfaassen? Ass virgesinn fir esou Informatiounen an den dräi administrativen Sproochen erauszeginn?
2) Wéi presentéiert sech d'Situatioun an anere klenge Länner mat enger eegener Sprooch? Falen déi aus internationale medezineschen Etude ganz raus? Wann net, wéi eng Virbildfunktioun kéinten des Länner fir Lëtzebuerg hunn, wat den Sproochgebrauch ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten